PIRATEN
Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
31 JAN. 2020
1803

Lëtzebuerg, den 30/01/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.**

Kannerbetreiung ass kontinuéierlech en aktuellt Thema zu Lëtzebuerg. Laut dem Koalitiounsvertrag 2018-2023 soll d'Kannerbetreiung och ausserhalb vun de Schoulvakanze gratis ginn.

"Neben der Reform des CSA-Systems soll zudem außerhalb der Schulferien die kostenlose Betreuung von Grundschülern in den Schülerhorten ("maisons relais") eingeführt werden."

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass dëse Projet an der Maach?
    - Wann jo, ab wéini gëtt en presentéiert an ëmgesat?
    - Wann nee, fir wéini ass definéiere vun dësem Projet geplangt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 1803 vum honorabelen Här Deputéierte Sven Clement**

Zanter am Oktober 2017 am Klengkandberäich de Programme d'Éducation Plurilingue agefouert gouf, profitéiere Kanner vun 1-4 Joer, déi an enger kollektiver Struktur betreit ginn, vu gratis Betreiungsstonnen, onofhängeg vum Akommes vun den Elteren.

De Regierungsprogramm 2018-2023 gesäit vir, datt och Schoulkanner, onofhängeg vum Revenu vun den Elteren, wärend der Schoulzäit solle kënne vu gratis Betreiungsstonne profitéieren.

Discussioune ronderëm d'Aféierung vun der Gratuitéit ab September 2021 am non-formale Bildungsberäich fir scolariséiert Kanner wärend der Schoulzäit ginn aktuell gefouert. Déi concernéiert Servicer am Educatiounsministère schaffen un enger konzeptueller Ausriichtung, déi bannent deenen nächste Méint mat deenen implizéierten Acteuren negociéiert an no bausse kommunizéiert gëtt.